

Réponse de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure Henri KOX à la question parlementaire n°3554 du 1^{er} février 2021 de Monsieur le Député Fred KEUP

D'Police huet an dësem Fall keng sou spezifesch Recommandatiounen erausginn. Et handelt sech bei de genannten Aussoen ëm eng Ufro, déi d'Zeitung "L'Essentiel" den 30. November 2020 direkt bei der Pressestell vun der Police gestallt huet, an och ufanks Dezember op direktem Wee beäntwert krut.

Et huet sech dobäi ëm e ganz spezifesche Phänomeen gehandelt, de "Catcalling – street harassment", deen hei zu Lëtzebuerg net strafbar ass.

D'Police huet doropshin op eng Serie vu generale Recommandatioune verwisen, déi an engem reng präventiven Esprit par rapport zu Belästegungen oder Gewalt am ëffentleche Raum ze verstoe sinn, an déi sech u Leit adresséieren, déi sech onsécher spieren oder eventuell schonn Affer an der Vergaangenheet vu sou Phänomeener woren. Heibäi handelt et sech ëm allgemeng gültig Verhalens-Regelen, wéi se z.B. och a Selbstbehaaptungscourse vermëttelt ginn. Dës Recommandatioune sinn net onofhängeg vuneneen ze gesinn. Et gouf präziséiert, dass dës Rotschléi sech jee no Situatioun kéinten applizéieren. Se sinn also weder op bestëmmte Situatioune ugepasst, nach op präzis Plätzen, an adresséieren sech och net just u Fraen. D'Police huet also keng allgemeng Recommandatioun erausginn, datt Fraen nuets net méi eleng sollten eraus goen.

Am Hibleck op d'Strofdoten déi virun allem nuets op Fraen ausgeübt ginn, do ass et schwierig eng generell Aschätzung ze ginn, well dëst och vum Plainteverhalen oofhänkt an et Ënnerscheeder tëschent verschiddene Kategorie vu Strofdote ginn. Et gött awer eng generell Tendenz datt dës Strofdoten zeréckginn.